N°306
Entrée le 07.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, zu der parlamentarescher Fro n°306 vum 7. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten, Fernand KARTHEISER, iwwer déi provisoresch Mesuren, déi am Kader vun engem Scheedungsverfare vum Riichter vum Familljegeriicht gesprach ginn**

Et gi keng Statistike gefouert, déi provisoresch Mesuren erfaassen, déi am Kader vun engem Scheedungsverfare vum Riichter vum Familljegeriicht (JAF) gesprach ginn.

De Riichter vum Familljegeriicht (JAF) ka vun de Scheedungsparteie gefrot gi fir provisoresch Moossnamen am Kader vun der Scheedungsprozedur ze huelen (Artikel 234 vum *Code civil*, Artikel 1007-45 vum *Nouveau Code de procédure civile*). Déi op Initiativ vun enger oder béide Scheedungsparteien ugefrote provisoresch Moossname gi vum Riichter ëmmer suite vun engem kontradiktoreschen Echange mat de Parteie gesprach.  D'Entscheedung vum Riichter fousst deemno op engem Echange, deen hien am Virfeld mat béide Scheedungsparteien an a Präsenz vu béide Parteie gefouert huet.

Déi provisoresch Moossnamen, déi de Riichter vum Familljegeriicht wärend der Scheedungsprozedur eventuell op Ufro vun de Scheedungsparteie muss huelen, sinn unzewende bis d'Scheedung definitiv gesprach ass (Artikel 237 vum *Code civil*).

D'Ordonnancë vum Riichter vum Familljegeriicht, déi provisoresch Mesurë festleeën, sinn appelabel an eng Scheedungspartei, déi net oder net méi mat dëse Mesuren averstanen ass, kann e Recours géint déi provisoresch Mesurë maachen.

D'Regierung huet sech engagéiert ze analyséieren, ob Adaptatioune vum neie Scheedungsgesetz ze maache sinn. Berouend op dem Rapport d'évaluation vun 2021 an den Diskussiounen, déi an der Chamber 2021 an 2022 gefouert goufen, wäerten och d'Dispositioune betreffend provisoresch Moossnamen iwwerpréift ginn.

Lëtzebuerg, den 7 Mäerz 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue